

(L) De SIT Walfer, d'Walfer Foto-Frënn an d'Walfer Gemeng (am nofolgenden Text: "den Organisator") organiséieren an den nächste Méint zwee Concours. E Concours "Kennt der Är Gemeng" an e Fotosconcours "Mäi Walfer".

Fotosconcours - "Mäi Walfer" - REGLEMENT

1. De **Fotosconcours "Mäi Walfer"** adresséiert sech un all d'Walfer Bierger.
 2. D'Matmaache beim Fotosconcours ass gratis.
 3. Vum Concours ausgeschloss sinn d'Membere vun de Walfer Foto-Frënn an dem SIT Walfer.
 4. De Sujet ass fräi ma d'Fotoe mussen um Territoire vun der Gemeng Walfer gemaach gi sinn an am weideste Sënn e Besuch zur Géigend hunn.
 5. All Walfer Bierger däerf mat bis zu 8 Fotoen (S/W oder faarweg) um Concours deelhuefen.
 6. Op der Website vun de Walfer Foto-Frënn (www.wff.lu) ass e Link iwwer deen all Participant seng Fotoen aschécke kann. All aner Méigelechkeet ass ausgeschloss.
 7. D'Fotoe ginn ausschliesslech am Jpeg-Format acceptéiert a mussen e "proppen" Affichage op engem Computer- oder Televisiounsecran erlaben. Aus technesche Grënn sollen déi eenzel Fichieren eng Gréisst vun 2,5 Mb net iwwerschreiden.
 8. All Participant muss seng Fotoë selwer gemaach hunn an am Besëtz vun den integrale Rechter sinn.
 9. Duerch säi Matmaachen beim Concours an d'Aschécke vun de Fotoen gëtt all Participant dem Organisator d'Autorisation, déi ageschéckte Fotoen ouni Aschränkung a fir eng onbegrenzten Zäit ze gebrauchen, ze archivéieren an ze publizéieren.
 10. Gëtt eng Foto déi fir de Concours ageschéckt gouf publizéiert, dann ëmmer mam Numm vun hirem Auteur.
 11. All Participant um Concours muss säin Numm, Virnumm, Adress, Telefonsnummer an E-Mailadress uginne an acceptéiert domat implizit datt seng perséinlech Daten fir d'Dauer vum Concours gespäichert ginn.
 12. Den Organisator respektéiert d'Virschreften vum R.G.P.D. a garantéiert datt sämtlech perséinlech Daten vun de Participanten geschützt a spéitsdëns no der Publication vun de Gewënner geläscht ginn.
 13. Eng Jury, déi sech aus Membere vun de Walfer Foto-Frënn, dem SIT Walfer an der Walfer Gemeng zesummesetzt wíelt aus sämtliche Fotoen déi ageschéckt goufen, déi 3 beschte Fotoen aus. Fir dësen Zweck ginn d'Fotoen alleguer anonymiséiert.
 14. D'Décision vun der Jury ass definitiv a kann net ugefecht ginn.
 15. D'Nimm vun den 3 Gewënner ginn am Buet vum Mount Oktober publizéiert an d'Gewënner ginn och perséinlech iwwer hire Gewënn informéiert.
 16. Bei eventuellen Onklarheeten oder Litigen decidéiert den Organisator.
-

(F) *Le SIT Walferdange, les Walfer Foto-Frënn et l'Administration communale de Walferdange (nommés "l'organisateur" dans le texte qui suit) se proposent d'organiser deux concours à savoir: Un concours "Connaissez-vous votre commune" et un Concours photographique "Mon Walferdange"*

Concours photos "Mon Walferdange" - REGLEMENT

1. Le **concours photos "Mon Walferdange"** s'adresse à tous les habitants de la commune de Walferdange.
 2. La participation au concours est gratuite.
 3. Sont exclus du concours, les membres des Walfer Foto-Frënn et du SIT Walfer.
 4. Le sujet est libre mais les photos doivent être prises sur le territoire de la commune de Walferdange et pouvoir être associées (au sens le plus large) avec la région.
 5. Chaque habitant de la commune peut participer au concours avec un maximum de 8 photos (n/b ou couleur).
 6. Sur le site web des Walfer Foto-Frënn (www.wff.lu) se trouve un lien par lequel chaque participant peut transmettre ses photos à l'organisateur. Un autre moyen de transmission ne sera pas accepté.
 7. Les photos doivent être en format Jpeg et permettre un affichage de bonne qualité sur un écran TV ou d'ordinateur. Pour des raisons techniques, un fichier ne doit pas dépasser 2,5 Mb.
 8. Les photos doivent être prises par le participant qui doit aussi détenir l'intégralité des droits y relatifs.
 9. Par sa participation au concours et la remise des photos, le participant autorise sans aucune restriction et pour une durée illimitée l'utilisation, la publication et l'archivage des photos par l'organisateur.
 10. La publication d'une photo de ce concours se fera toujours avec l'indication du nom de son auteur.
 11. Tout participant au concours est tenu d'indiquer ses nom, prénom, adresse postale, adresse courriel et numéro de téléphone et accepte implicitement que ses données personnelles soient enregistrées par l'organisateur et conservées jusqu'à la fin du concours.
 12. L'organisateur garantit la protection de ces données conformément au R.G.P.D. et s'engage à effacer les données à caractère personnel des participants après la publication des gagnants du concours.
 13. Un jury, se composant de membres des Walfer Foto-Frënn, du SIT Walfer et de l'administration communale de Walferdange choisira les 3 meilleures photos parmi toutes les photos remises. Les photos visualisées par le jury sont anonymisées.
 14. La décision du jury est définitive et sans appel.
 15. Les noms des 3 gagnants sont publiés au Buet du mois d'octobre et les gagnants sont avertis personnellement.
 16. En cas de litige, la décision finale revient à l'organisateur.
-